



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5618 vum 28. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Roy Reding.

1) Huet d'Regierung sech mat deenen aneren EU-Memberlänner koordinéiert, fir COVID-Impfzertifikater, déi op Basis vum Novavax ausgestallt ginn, unzeerkennen, och wann dësen zu Lëtzebuerg nach net zougänglech ass?

Vu datt et sech bei der Acquisitioun vum Novavax-Impfstoff ëm en Akaf handelt den iwwert en European Joint Procurement Agreement leeft, wäerten déi éischt Novavax-Impfstoffdosen zum selwechten Moment an deenen vereenzelten EU-Länner disponibel sinn.

Well et sech bäi den Impfzertifikater em een sougenannten "EU Digital Covid Certificate" handelt deen op dem EU Reglement 2021/953 baséiert, ass den Impfzertifikat a ganz Europa valabel.

Doriwwer eraus ass den Novavax awer en Impfstoff mat engem Schéma vaccinal vun 2 Dosen. Dofir certifiéiert den Impfzertifikat vun der éischter Dosis keng komplett Impfung an eréischt den Impfzertifikat vun der zweeter Dosis ass valabel fir den Covid-Check zu Lëtzebuerg oder equivalenten Applicatiounen an den aneren EU-Länner.

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert